

# SCOUTING IN LUXEMBOURG

---

09.04.2024 - Luxembourg

## Roverway 2024 Norway - Luxembourg Contingent Newsletter 4

Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,

An dëser Newsletter kritt dir Informatiounen  
iwwert eise Prépa-Weekend vum 13 bis 14 Abrëll  
an wéi dir kënnt Badger an Foulards nobestellen.



# SCOUTING IN LUXEMBOURG

---

## 1. Allgemenges zum Prépa-Weekend :

Eise Prépa-Weekend ass wéi ugekënnegt vum 13 bis 14 Abrëll 2024.

**Start:** Samsdes 13 Abrëll um 9 Auer Moies

**Schluss:** Sonndes 14 Abrëll 12 Auer

Et ass jidderengem recommandéiert op den Weekend ze kommen, well dir kritt hei wichteg Informatiounen zum Camp an zu der Norees, awer och kréien Participants hei hieren Path gesoot an IST méi Informatiounen zu hierem Job.

## 2. Transport Weekend:

Den Weekend ass am Chalet vun den Mamer Wiselen (FNEL). Adress ass:

109, route d'Arlon L-8211 Mamer

Et ginn hei **net vill Parkplatzen**. Mir recommandéieren duerfir, dass dir mam öffentlechen Transport kommt. Falls et net aanescht geet kënnt dir och bruecht ginn oder um Parking Kinneksbond parken an dann den Bus 811 oder 812 bei de Chalet huelen. Adress vum Parking: 4, Um Kinneksbond L-8210 Mamer

# SCOUTING IN LUXEMBOURG

---

### 3. Materialsléscht Weekend

- Drap-housse oder Schlofsack
- Carrymat fir IST
- **Gamelle, Besteck a Becher**
- Schlappen fir am Chalet
- Wäschtrousse
- Kichenduch
- Uniform + Foulard
- Bic + Block
- Kompass + Réimer
- Täschemesser

An wat ee soss nach esou op engem Scoutsweekend brauch.


Selbestverständlech gëtt et um Weekend genuch Zäit all seng Froen ze stellen, mee dir kënnt iech och schon am Virfeld froen iwwerleen wou dir nach keng äntwert krut an mir probéieren se dann um Weekend bestméiglechst ze beäntweren.

# SCOUTING IN LUXEMBOURG

## 4. Foulard a Badger nobestellen

Jiddereen den um Roverway deelhëllt, wäert **2 Badger** an **3 Foulards** kréien (am Präiss mat dran). Falls dat awer nach net duergeet an dir um Camp nach gären tauschen wëllt, gött et elo Chance fir nach Foulards oder Badger nozebestellen.

De Badge wäert esou ausgesinn:



Een extra Badge kascht **2 Euro** an een extra Foulard kascht **15 Euro**. Dir kënt dëss bestellen andeems dir iech um Weekend an eng Lëscht aschreiwst oder hei den Forms ausfëllt: <https://forms.gle/jyRmzuARyby3K43L9>

Vue dass dëss mussen schnellstméiglech bestallt ginn, ass den Délais den **15 Abrëll um Mëtternuecht**. Duerno kënnen mir keng Bestellungen méi unhuelen!



---

Bezuelen kënt dir per Iwwerweisung op folgenden Konto an mat folgender Mentioun:

„Numm + Virnumm vum Participante, Unzuel Badge, Unzuel Foularde“

**Titulaire:** Scouting in Luxembourg

**Bic:** BGLLLULL

**IBAN:** LU85 0030 8893 4708 4000

## 5. Kommunikatioun

Falls dir Froen hutt kontaktéiert w.e.g als alleréischt den CMT vum Contigent op [cmt@rw2024.sil.lu](mailto:cmt@rw2024.sil.lu)

Kontaktéiert **NET** Norweger selwer. Sie kréien all Dag tonnen Mailen, an demno wéi müssen sie eis dann souwisou nach emol schreiwen. Duerfir ass et am beschten dir schreift eis, an wann mir keng äntwert wëssen schreiwen mir den Norweger. Rufft och w.e.g net am Sekretariat vun den LGS oder FNEL un, hei gëllt dat selwecht sie müssen um Enn och meehtens bei eis nofroen, well sie net Member vum CMT sin.

Weider Informatiounen vum Contigent (Neiegkeeten, Dokumenter, FAQ, etc.) a vum Roverway sinn op eiser Internetsite disponibel: [Internetsite](#)

[info@rw2024.sil.lu](mailto:info@rw2024.sil.lu) | [Facebook](#) | [Instagram](#)

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,

Fir de Lëtzebuurger Contigent,  
Jennifer, Bruno a Steven